



6682 - *Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à des missions d'observations de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe (OSCE) des élections présidentielles et parlementaires en 2014*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et européennes, le 16.04.2014

6683 - *Projet de loi portant modification:*

1) du Code pénal et

2) de la loi du 15 novembre 1978 relative à l'information sexuelle, à la prévention de l'avortement clandestin et à la réglementation de l'interruption volontaire de grossesse

Dépôt: M. Félix Braz, Ministre de la Justice, le 16.04.2014

3) Sur demande du Gouvernement et par arrêté grand-ducal de retrait du 3 avril 2014 le projet de loi n°**6379** ayant pour objet la discipline dans l'armée, la Police grand-ducale et l'Inspection générale de la Police a été retiré du rôle des affaires de la Chambre des Députés en date du 10 avril 2014.

4) Les pétitions publiques suivantes ont été déclarées recevables en date du 3 avril 2014:

Pétition publique n°**333** - Géint den Tram a fir d'Ofhale vun engem Referendum

Dépôt: 21.03.2014 par M. Philipp Bützow

Pétition publique n°**334** pour la révision de la hauteur des trottoirs et l'ajustement de cette hauteur

Dépôt: 21.03.2014 par M. Yves Ross

Pétition publique n°**335** pour l'introduction d'un revenu de base universel pour tous les citoyens du Luxembourg

Dépôt: 21.03.2014 par M. Alfred Groff

Pétition publique n°**336** - Étude destinée à l'évaluation des paramètres de la «Fonction d'Utilité» conditionnant le «modal-split» en matière d'utilisation du transport en commun à Luxembourg

Dépôt: 24.03.2014 par M. Adolphe Faber

Pétition publique n°**337** - Services multimédias ayant leur siège au Luxembourg

Dépôt: 25.03.2014 par M. Romain Duhr

Pétition publique n°**338** - Subvention de la mobilité 100% électrique à deux roues

Dépôt: 29.03.2014 par M. Luc Bernardin

Pétition publique n°**339** pour un système d'aides financières compétitif, équitable et socialement juste pour les études supérieures

Dépôt: 01.04.2014 par M. Christophe Knebel

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 6611 - Proposition de loi relative à l'égalité salariale entre hommes et femmes

Déclaration de recevabilité

Dann hunn an hiner Réunion vum 3. Abrëll d'Presidenten an der Präsidentenkommission fir d'Recevabilitéit vun enger Proposition de loi sech ausgeschwat. Et ass d'Proposition de loi N°6611 iwwert d'Égalité salariale vu Mann a Fra, déi vum Här Lucien Lux de 6. Dezember 2013 deponéiert gouf an déi d'Madame Cécile Hemmen de 27. Mäerz 2014 iwwerholl huet.

Schléisst d'Chamber sech deem Virschlag un?

(Assentiment)

Merci, dann ass dat esou décidéiert.

4. Ordre du jour

Zum Ordre du jour brauch ech net an den Detail ze goen, dee fannt Der op Äre Schiermer respektiv um Portail vun der Chamber. Dir wësst, dass mer des Woch véiermol wäerte siégieren, haut mat der Presentatioun vum Rapport vun dem Budgetsberichterstatter, muer der Stellungnahm vun der Regierung an iwwer-muer moies a mëttes den Debatten.

Domat géife mer dann zum éischten Deel vun de Budgetsdebatten iwwergoen, dat ass d'Presentatioun vum Rapport vun der Finanzkommission. An d'Wuert huet elo direkt de Budgetsberichterstatter, den honorabelen Här Eugène Berger. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

5. 6666 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2014 et modifiant

1) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu;

2) la loi modifiée du 25 février 1979 concernant l'aide au logement;

3) la loi modifiée du 22 décembre 1987 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1988;

4) la loi modifiée du 21 décembre 1998 concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 1999;

5) la loi modifiée du 31 mai 1999 sur la Police et l'Inspection générale de la Police;

6) la loi modifiée du 13 juin 2003 concernant les relations entre l'État et l'enseignement privé;

7) la loi modifiée du 5 juin 2009 relative à la promotion de la recherche, du développement et de l'innovation;

8) la loi modifiée du 18 février 2010 relative à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles;

9) la loi modifiée du 17 décembre 2010 fixant les droits d'accise et taxes assimilées des produits énergétiques, de l'électricité, des produits de tabacs manufacturés, de l'alcool et des boissons alcooliques (suite)

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Eugène Berger** (DP), rapporteur.-Merci, Här President. Här Premierminister, Dir Dammen an Härre vun der Regierung, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Lëtzebuerg huet 2018 eng Schold vun iwwer 16,3 Milliarden Euro, Tendenz weider steigend, fir net ze soen, d'Schold leeft aus dem Rudder. D'Administration centrale huet 2018 en Defizit vun 1,1 Milliarden Euro.

De Lëtzeburger Stat muss 2018 iwwer 330 Milliounen opbréngen, eleng fir seng Scholdzënse ze bezuelen. Mir erfëllen 2018 net méi verschidde Kritäre vun dem europäesche Stabilitéitspakt an eisem Objectif à moyen terme, well mer e Solde structurel vu -1,2% vum PIB hunn.

Och e Wirtschaftswuesstum vun 3,8% ännert 2018 näischt drun, datt eis Statsfinanzen an engem Déséquilibre sinn, déi all Initiativ, all Spillraum fir Politik mëttelfristeg erstécken doen.

Dat sinn e puer Zuelen a Fakten, déi beschreiben, wéi d'Situatioun an eisem Land 2018 ass, wa mer esou weiderfuere wéi bis elo, wéi de Comité de prévision seet „à politique inchangée“. A politique inchangée, wa mer eis Politik net änneren, hu mer Lëtzebuerg spéitstens 2018 an dës ganz schwiereg a bedenklech finanziell Lag eramanövréiert.

Här President, déi Zuelen, déi ech elo opgezielt hunn, sinn awer keng Fatalitéit. Mir kënnen déi genannten Zuelen, mir kënnen dës Budgets-déséquilibre verhéinneren.

Wéi kënnen mer e verhéinneren? Wa mer aus der Politique inchangée e Changement de politique maachen. Wa mer also eis Politik änneren an d'sozial Selektivitéit an de Mëttelpunkt stellen. Wa mer eis nei opstellen an der Finanzpolitik a konsequent déi strukturell Reformen ugin, déi noutwendeg sinn. Wa mer déi Erausforderungen, déi sech eis stellen, zessumen a solidaresch ugin.

Et läit un eis alleguerten, un der Politik, un der Regierung, un der Chamber, un de Gewerkschaften, un de Forces vives, awer och un all de Biergerinnen a Bierger dobaussen am Land, dës Erausforderungen unzegoen an eisem Land nei Chancen ze verschafen.

Här President, no de Wale vum 20. Oktober hunn déi dräi Koalitionsparteie bei dem Comité de prévision eng Note gefrot, fir den Iwwerbléck iwwert d'Finanzsituatioun vu Lëtzebuerg ze kréien. Et ass eng evident, eng wichtige Prozedur, wann ee Koalitionsgesprächer ufänkt a wann eng nei Regierung d'Geschäfte vum Land iwwerhëlt, well et wëllt ee genau wëssen: Wou si mer drun? Wéi steet et ëm d'Land?

De Comité de prévision, deen déi nei Regierung och elo institutionaliséiere wäert, huet der Finanzkommission ganz rezent den 9. Abrëll nach eng Kéier eng aktualiséiert Note presentéiert, déi net méi konnt ganz an de schréffleche Rapport erakommen, duerfir wäert ech se dann elo am Mëndleche virhuelen.

En huet also eis do den 9. Abrëll eng Note presentéiert an nach eng Kéier aktualiséiert Zuele vun de leschte Méint, déi konnten nach verfeinert ginn, op de leschte Stand bruecht ginn. Déi Note huet nach eng Kéier kloer opgezeechent, wéi d'Evolution vun de Statsfinanzen ass, wa mer zu Lëtzebuerg net nei Weeër an der Finanzpolitik aschloen.

Eng interessant Donnée, déi sech nach net esou kloer ofgezeechent huet am Hierscht, krute mer elo den 9. Abrëll. An zwar ass dat déi vun der Evolution vun der Konjunktur. Do ginn et a priori e puer Lichtblécker um Horizont. Fir 2014 sinn 3,1% Wuesstum ugesot, fir 2015 3,2%, dann 3,6% fir 2016 a schliisslech 3,8% fir 2018.

Mä, Här President, och wann déi puer Sonnenstrahlen de Réck liicht wiernen, ass dat nach kee Summer, well trotz allem lafen eis, wa mer näischt an eiser Finanzpolitik änneren, d'Käschte vum Zentralstat fort. Trotz dem Unzéie vun der Konjunktur bis 2018, riskéiere mer a fënnf Joer eben déi Schold vun deene 16,3 Milliarden ze hunn, déi ech direkt um Ufank hei genannt hunn an déi aus der Note ebe vum Comité de prévision vum 9. Abrëll stamen.

Domat hätte mer dann och 2018 e Solde structurel vun 1,2% minus. Domadder géife mer also och net de Virgabe vu Bréissel entsprechen, well mir müssen am Kader vun dem Volé préventif vum Pacte de stabilité an och am Sënn vum Objectif à moyen terme op e Solde structurel vu plus 0,5% vum PIB kommen.

Oder an anere Wieder: Mir müssen eis Schold bis 2018 ëm 1,2 Milliarde verkierzen. 1,2 Milliarde spueren bis 2018, dat heescht also an der Moyenne iwwer 300 Milliounen d'Joer all Kéiers zousätzlech, net eng Kéier, an dat Joer och nach eng Kéier, mä mir müssen awer all Kéiers dobäi nach eng Kéier op 300 Milliounen komme par rapport zu deem Joer virdrun. Dat ass eng Virgab, laanscht déi komme mer einfach net.

Wa mer déi Schold net an de Grëff kréien, heescht dat, der nächster Generatioun, den nächste Generatiounen, eise Kanner eng enorm Hypothék, e Rucksack voller Laascht ze iwwerloossen, mat deem sengem Gewicht kee méi richteg goe kann a scho guer kee méi ka Spréng maachen.

Här President, an all Stot mécht ee sech seriö Gedanken a ginn d'Alarmsignaler un, wann een dauernd muss Schold ophuelen, Sue léine muss, fir iwwert d'Ronnen ze kommen, fir déi lafend Käschten, fir d'lessen, fir de Bensin, fir d'Elektresch an esou weider. Do ass een dann an engem Däiwelskrees dran, aus deem een net méi erauskënnt. Et ass net aneschtens beim Stat. Och do geet iergend eng Kéier d'Rechnung vir an hannen net méi op.

Déi Analys vum Zoustand vun de Statsfinanzen, déi Note vum Comité de prévision ass e Message un d'Politik. Mir liewen zu Lëtzebuerg iwwer eis Verhältnissen a mir kënnen net esou weiderfuere.

Déi Previsiounen sinn a mengen Aen och e klaren Optrag un déi politesch Verantwortung, déi noutwendeg Schrëtt an Décisiounen ze huelen, déi sech aus där Analys opdrängen. Et geet net nëmmen drëms, se einfach zur Kenntnis ze huelen. An dat ass dee méi schweieren Deel, awer och dee méi erausforderenden Deel vun der Politik.

Politik ze maachen, wann d'Keese voll sinn, wann ee Cadeaue ka verdeelen, ass eigentlech e relativ einfacht Geschäft, mä wann et net méi ronndréit, wann d'Finanze müssen nei opgestallt ginn, da gëtt d'Politik richteg gefuerdert, well dann heescht Politik, Choixen treffen, dann heescht Politik, Courage hunn, Décisiounen ze huelen. Politik maachen an esou Zäiten heescht och, Entschéedungen ze huelen, bei deenen net ëmmer jiddwereen an d'Hänn klappt viru Begeeschterung, mä bei deenen een iwwerzeegt ass, datt et déi richteg Décisiounen si fir d'Land.

Eppes ass awer och ganz kloer fir de Budgetsrapporteur: Strukturell Reformen, déi mer müssen ugoen an deenen nächste Joren, dat dierf net heeschen, Austeritéitspolitik maachen, net spueren, fir ze spueren. Neen, dat muss heeschen, d'Land aneschtens opstellen, fir nei Chancen ze schafe fir Lëtzebuerg an och fir jiddwer eenzelne Bierger hei am Land.

Här President, hu mer et eis an deene leschte Joren net ze vill an der Inertie, am Stëllstand bequem gemaach? Wann een an der Geschicht zrëckbliedert - deen Exercice mécht een och als Budgetsrapporteur, datt ee kuckt, wat aner Budgetsrapporteurs geschriwwen a gelies hunn -, da sinn eigentlech säit 2006/2007 d'Budgetsrapporturen net midd ginn ze widerhuelen, datt mer strukturell Problemer hunn, déi mer müssen an de Grëff kréien.

Bon, d'Sue sinn natierlech déi Joren duerno weider erakomm, haaptsächlech duerch déi nei

Recetten aus dem E-Commerce. An de Lëtzeburger, dee seet sech jo gären, datt um Enn sech iergendwéi dach alles wäert arrangéieren.

Här President, dës Kéier wäert dat net de Fall sinn! De Budgetsrapporteur ass een, deen och gäre Sport mécht; ech wëllt et vläicht aneschtens vergläichen: Et ass wéi beim Sport, do kënnt een heiansdo an eng Confort-Zon, esou nennt een dat. Dat ass wann een zum Beispill lafe geet an dann ëmmer erëm déiselwecht Distanz mécht, zéng Kilometer an deemselwechte Rhythmus. An dann ass een der Meinung - wow! -, elo hunn ech eppes gemaach, ech hunn eppes Guddes fir mech gemaach.

Neen, d'Sportler wëssen, an ech gesinn der hei, an der Chamber sinn der jo, déi wénken och elo mam Kapp Neen, da baut ee lues a lues of. Dat ass eigentlech..., mir sinn och e bëssen an där Situatioun.

Wann een also wëllt progresséieren, besser Zäite lafen, méi staark ginn, da muss een aus där Confort-Zon do eraus. Et muss een heiansdo forcéieren, et muss een heiansdo ausser Otem sinn. Heiansdo müssen d'Muskele wéiden, fir datt een erëm méi staark gëtt.

Also, Lëtzebuerg kéint ee vläicht och heiansdo e bësse mat där Situatioun vergläiche vun där Confort-Zon. Mir müssen also do eraus. Mir mussen méi Efforte maachen, fir datt mer eben als Land a fënnf Joer erëm méi fit sinn, datt mer besser Zäiten, besser Budgeten och kënnen a fënnf Joer hunn.

Här President, wann an deenen nächste Méint a Jore mussen strukturell Reforme gemaach ginn, wann Efforte vun de Leit verlaangt ginn, da muss déi Ustrennung solidaresch a gerecht verdeelt ginn a vu jiddwerengem gedroe ginn.

Et muss sozial gerecht verdeelt ginn. Dat heescht, déi Ennescht op der Leeder kënnen net déiselwecht Efforte maache wéi déi uewen op der Leeder. Wann de Budgetsrapporteur elo verschidde Reaktiounen am Land gesäit op déi éischt Mesuren, déi ugekënnegt gi sinn oder déi sollen ëmgesat ginn - ech denken do un d'Studentesubsiden oder verschidden Anneerunge vun der TVA -, da stëmmt mech dat nodenklech. Schnell melle sech dann déi eng oder aner zu Wuert. Et sinn der, déi wëlle streiken, anerer gi Petitiounen eran. Anerer kritiséiere ferm a soen: „Net esou mat eis!“

Et ass kloer, et ass legitim, wann ee vun neie Mesuren net direkt begeeschtert oder iwwerzeegt ass, datt een dat och zum Ausdrock ka bréngen. Mä et ass awer wichteg, datt d'Solidaritéit muss spillen, datt jiddwereen e klengen Bäitrag leescht an net ëmmer nëmmen verlaangt gëtt, datt bei deenen anere muss gespuert ginn.

Ech kommen herno nach op déi eng oder aner Measure ze schwätzen. Et wier awer emol gutt, déi Mesuren, déi an deenen nächste Méint wäerte geholl ginn, och an de richtige Kontext ze setzen, a wa se an de Vergläich zum Beispill och mam Ausland géife gesat ginn.

Här President, mir müssen op alle Fall hei zu Lëtzebuerg, wa mer déi Reformen ugin, och den Nimby-Reflex - dat heescht, bei jiddwerengem, nëmmen net bei mir hannen am Gaart -, dee Reflex iwwerwannen, fir datt mer zesumme Lëtzebuerg erëm fit maachen.

Mir all heibannen, ech mengen - tous partis confondus -, ech ka fir all Partie schwätzen, hu mer virun dem 20. Oktober Wahlversammlung gemaach, an owes an de Wahlversammlungen huet sécherlech déi eng oder déi aner Partei gesot, datt missten Ustrennung gemaach ginn an deenen nächste Joren an der Finanzpolitik, datt ee misst de Budget an de Grëff kréien. An da souzen da vill Leit do, mir ass et op alle Fall esou gaangen, déi mam Kapp gewénkt hunn, déi gesot hunn: „Jo, dat mussen mer elo maachen.“

Elo no de Wahlen, dann ass et un de Politiker, fir hir Engagementer anzéleisen. An da wëllen awer op eemol vill, déi virdru mam Kapp gewénkt hunn, näischt méi dovunner wëssen, oder d'Leit sinn d'accord, mä awer, wéi gesot, et dierf just net bei hinne sinn.

Här President, esou kann d'Rechnung herno net opgoen. Jiddwer Eenzelnen hei am Land muss eng Hand mat upaken, aus senger Confort-Zon eraus. Wat mer brauchen, ass e kollektiven Effort. Nëmme da kënnen mer d'Kéier kréien an eis besser fir d'Zukunft opstellen.

Här President, ech hunn a menger Introduktioun mat enger Rei zum Deel méi perséinleche Bemierkungen d'Enjeu vun deenen nächste Jore skizzéiert, déi iwwert den Exercice vun 2014 erausginn. Ech fannen, datt dëst och zur Aufgab vun engem Budgetsrapporteur gehéiert, zur Démarche vun engem Budgetsrapporteur, fir de Bléck méi wäit no vir ze werfen an d'Enjeu politiques och eng Kéier kuerz duerstellen.